Charte vun der



D' »Bourse aux talents « ass en Tauschréseau, deen op ass fir jiddwereen. Seng Membere gin mateneen a Kontakt gesat mat Hëllef vun engem Internetsite, enger interner Zeitung a verschidde gemeinschaftlech Aktivitéiten.

D'Ziel vun der „Bourse aux Talents" ass et, d'Wëssen, d'Talenter an d'Kompetenzen vun de Leit ze valoriséieren an unzereegen an dës Kompetenzen ouni Hëllef vu Geld auszetauschen.

Werter, wéi zwëschemënschlech Hëllef, Dialog, Selbstvertrauen a Vertrauen an deen Aneren, géigeseitege Respekt , solidaresch a geselleg Relatiounen op nationalem a lokalem Niveau sin d'Base vun dësem Projet.

D'Grondprinzipien vun der „Bourse aux Talents"

Gläichheet vun de Memberen.

Fir all Zort vun Mëssbrauch ze verhënneren, sollt eng Stonn Prestatioun ongeféier mat enger Stonn getosch ginn. D'Membere vum Reseau verpflichte sech , gläichwäerteg Prestatioune mateneen auszehandelen bei deenen weder deen een nach den Aneren ausgenotzt gëtt.

D'Géigesäitegkeet

„D'Bourse aux Talents" wëll Binômer vu Persounen bilden, déi e béid- a géigesäitegen Tausch mateneen ausmachen. Jiddweree soll eppes proposéieren an eppes kréien.

Vertrauen
A sech selwer:
Am Kader vun der „Bourse aux talents" kann ee vill Méiglechkeeten entdecken an ausféieren, déi fir en aneren nëtzlech oder interessant kënne sinn.
An deen Aneren:
Andeems jiddwereen sein Engagement anhellt.

D'Fräiheet

All Member huet d'Fräiheet e Service ze akzeptéieren oder ze refuséieren, ouni sech missten ze rechtfertegen. Hie kann zu all Moment seng Propositioun zréckzéien, de Fall gesat natierlech, dass en seng Engagementer agehalen huet.
D'Echangen am Projet « Bourse aux talents »sinn net op de Gesetzer vum Marché, op Profit, op finanzielle Räichtum oder op Rentabilitéit a Konkurrenzdenke gestëtzt.

De Respekt

All Member vum Reseau engagéiert sech déi aner Memberen ze respektéieren, als Persoun an an hirem kulturellen Hannergrond, deen eng Beräicherung duerstellt.

Onofhängegkeet

D'Bourse aux talents" ass onofhängeg, politesch neutral an oppe fir jiddwereen.

D'Regele vum Tauschsystem

Definitioun vun engem „Member"

E Member ass eng Persoun, e Grupp vu Persounen, oder eng ASBL.

Fir bei der „Bourse aux talents" matzemaachen, muss e Member e Formulaire ausgefëllt hunn an dem:

- E säin Accord gëtt, sech un dat internt Réglement (Charte interne) ze halen
- E sech engagéiert, seng Propositioune anzehalen
- En eng éischt Lëscht mat enger Offer an enger Ufro bäileet.

All Member ka sech mat sengem eegenen Numm oder mat engem Pseudonym aschreiwen. Hien engagéiert sech, d' Lëscht vun den Memberen net weiderzeleeden. Hie gëtt den Accord, dass sein Numm, seng e-mail-Adress an seng Offeren a Demanden op dem Internetsite an an enger Zeitung publizéiert ginn.

D'Memberen erlaaben dem Comité de Coordination déi néideg Donnéeën ze haalen (Identifikatioun, Informatiounen zu hiren Offren an Demanden)
Dës Donnéeën kënnen nëmme mat ausdrécklecher Erlaabnis vun de Membere weidergi ginn.

En Tausch zwëschen 2 Persoune kann nëmmen ausgefouert ginn, wann déi 2 Persoune sech domat averstanen erkläert hunn. Wann deen éischten Service geleescht ginn ass, muss den Tauschpartner seng Prestatioun och ausféieren.

Den Tausch

Wat ka getauscht ginn?

An der „Bourse aux talents" gi Servicer, Talenter a Kompetenzen ausgetauscht. Et ka sech och ëm en Objet oder e Wëssen handelen. Déi getauschte Servicer däerfen net „professionnel" sinn, dat heescht e Bäcker därf zum Beispill keen Brout proposéieren…

Offeren an Demanden

D'Membere vun der „Bourse aux talents" gi regelméisseg iwwert nei Offeren an Demanden informéiert: um Internetsite a per Zeitung.

De Comité de Coordination vum Projet kann d'Publikatioun vun enger Offer refuséieren, falls si d'Charte net respektéiert an /oder en deontologeschen oder ethesche Problem géif duerstellen.An deem Fall gëtt de Comité der betreffender Persoun seng Motivatioun, firwat en déi Offer net wëll publizéieren.

Wéi gëtt getauscht?

Ech kucken d'Offeren an Demanden. Wann ech eng Offer fannen, déi mech interesséiert, huelen ech direkt Kontakt mat der concernéierter Persoun op andeems ech d'Lëscht mat de Membere kucken.

Wann ech keng Persoun fannen, kann ech meng Demande oder meng Offer annoncéieren.

Och wann ech vielleicht net direkt déi richteg Persoun fannen, loossen ech mech net decouragéieren . Jiddwereen ass jo fräi eng Offer ze akzeptéieren oder ze refuséieren, ouni sech duerfir rechtfertegen ze missen.
Natierlech leeft et besser, wann jiddwereen héiflech an zevirkommend ass.

Wann de richtege Partner fonnt ass, gin d'Konditioune vum Tausch schrëftlech festgehaalen. Dëst gëtt per Formulaire gemaach dee vun deenen zwou Persounen ënnerschriwwe gëtt. Et ass besser, net onbedengt Material oder Objet'en ze tauschen, well do de Risiko méi grouss ass, dass eppes kéint futti goen.

Et ass wichteg dass déi 2 Partner hirt Engagement anhalen, nëmme sou kann Vertrauen an de System entstoën.

Falls emol eng Sträitsituatioun géif optauchen, kann ee sech un de Comité de Coordination wenden, deen dann seng Fonctioun als Mediateur erfëllt.

All Member ass individuell responsabel wat Assurancen, Taxen, Sécurité sociale an de Respekt vun de Gesetzer betrëfft.